Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

De Pensiounskompensatiounsfong FDC féiert eng ëffentlech zougänglech Exklusiounslëscht vu Firmen, an déi si net investéieren däerfen, dorënner vill Firmen aus dem militäresche Beräich[1].

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verdeedegungsminister gär dës Fro stellen:

1) Vu wéi enge vun deene Firmen, déi op der Exklusiounslëscht vum Kompensatiounsfong gefouert sinn, huet d'Lëtzebuerger Arméi an de lëschten 20 Joer Material oder Déngschtleeschtunge bezunn?
2) Vu wéi enge vun deene Firmen, déi op der Exklusiounslëscht vum Kompensatiounsfong gefouert sinn, huet d'Regierung an de leschte Jore Waffen an aner Material bezunn, déi duerno un d'Ukrain geliwwert goufen?
3) Ass d'Lëtzebuerger Arméi vun esou Firmen ugeschwat ginn, datt d'Lëtzebuerger Regierung eng Investitioun an hir Firma als oneethesch a problematesch ugesäit an huet d'Arméi festgestallt, datt se doduerch eng manner héich Prioritéit als Client kritt huet?
4) Gedenkt d'Lëtzebuerger Arméi och esou eng Exklusiounslëscht anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

[1] https://fdc.public.lu/en/investissement-responsable/liste-exclusion-fdc.html